PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 25/01/2022

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Famill an Integratioun & Sozialversécherung weiderzeleeden.

Mam Gesetz vum 7. Januar 2022 iwwert d'Accessibilitéit goufen eng ganz Rei Krittäre festgehalen, déi an Zukunft mussen erfëllt ginn, fir Persoune mat Handicap en Accès zu ëffentleche Plazen a Gebaier ze garantéieren.
An Zukunft mussen z.B. *"au moins une place de stationnement automobile par bloc entamé de vingt places, et au-delà de cent places, [...] une place par bloc de cent places"* virgesi sinn. Esou ass geséchert, dass Persoune mat Handicap speziell Parkplazen op ëffentleche Parkingen zoustinn.
Grad an de Stied ginn et awer eng Rei Gebaier, déi guer kee Parking hunn. Hei gëtt et keng Obligatioun, fir virun der Dier awer e puer Plaze fir Persoune mat Handicap virzegesinn. Fir Persoune mat ageschränkter Mobilitéit, kann dat e grousse Problem duerstellen.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Bei wéi ville staatleche Gebaier, déi Servicer fir de Public ubidden, gëtt et zum aktuellen Zäitpunkt keng Parkplaz fir Persoune mat Handicap am Gebai oder direkt virun der Dier?

2. Wéi vill Parkplaze fir Persoune mat Handicap si virgesi beim Bau vun der neier Cité de la sécurité sociale?

3. Wat mëscht d'Regierung, fir d'Accessibilitéit op Plazen, wou et keng Parkplaze gëtt, fir Persoune mat Handicap ze verbesseren?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven

Député